PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/10/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Administrativ Reform & Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.

Déi sougenannten "Gestion par objectifs" soll et Verwaltungen a Servicer vum Staat erlaben, hir Aarbecht méi effikass a strukturéiert ze gestalten, an den Agenten e Kader setzen, an deem si hir eege Progressioun kënne moossen.

Dës Initiativ setzt ënnert anerem d'Ausschaffe vun Aarbechtsprogrammer viraus, déi vun all Service, Verwaltung a Ministère opgestallt an uschléissend vun de jeeweilege Ressortministere validéiert solle ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Servicer a Verwaltungen hu well esou een Aarbechtsprogramm ausgeschafft (opgeschlësselt no Ministère, an ausgedréckt a relativen an absoluten Zuelen)?

2. Wéi vill vun dëse Programmer goufe vun de jeeweilege Ministeren (opgeschlësselt no Ministère) well validéiert?

3. Wéi vill Aarbechtsprogrammer goufen opgeschlësselt no Ministère refuséiert?

4. Wéi eng Pläng huet d'Regierung, fir hir Ambitioun vun enger "Gestion par objectifs" an alle Servicer a Verwaltunge vum Staat – an domat och op deene Plazen, wou et bis elo nach net geschitt ass –ëmzesetzen?

5. Wéi eng Delaie gëllen an deene jeeweilege Ministèren, fir d'Gestioun duerch Objektiver ëmzesetzen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député